REGULUS JUNIOR-CLUB

PROGRAMM

JANUAR – MÄERZ 2024

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu

Dënschdes, den 16. Januar 2024

Déieren am Wanter

Wéi verbrengen déi verschidden Déieren de Wanter? Déi eng ginn an de Wanterschlof oder an eng Wanterrou, déi aner sinn trotz de kalen Temperaturen ganz aktiv. Wann een duerch d'Natur trëppelt, dann muss een mol ganz genee kucken, well vill Déieren schon virun engem do waren. An daat fannen mir eraus, andeems mir no Spueren sichen.

Auerzait:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier,
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 9 Joer

Onkäschten: 6 €

Dënschdes, den 23. Januar 2024

De Bauer gëtt mir Power!!

Beim Schaffen um Bauerenhaff gitt dir vill Interessantes iwwert dem Bauer seng Aarbecht gewuer a kennt natierlech och selwer mat upaken.
Mir wäerten och eppes Guddes am Bakuewe baken a selwer Botter maachen.

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
8 bis 12 Joer

Onkäschten: 8 €

Dënschdes, de 6. Februar 2024

RJC for future!

Mam interessanten Klimakoffer vun ASTM a Klimabündnis Lëtzebuerg probéiere mir mat alle Sënner méi iwwer de Klimawandel ze léieren an ze kucken wat mir dogéint kenne machen. Vill Experimenter an aktiv Aktiounen stinn um Programm.
Komm a gëff e Klima-Retter!!!

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
8 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €

Samschdes, de 10. bis Sonndes, de 18. Februar 2024

Naturbicher & co.

An der Fuesvakanz hutt dir d'Méiglechkeet verschidde Naturbicher am Biodiversum zu Remerschen ze entdecken. Et ginn Liesungen an awer och verschidde flott Aktivitéiten a Visitte gemaach.
Fir de genaue Programm kennen är Elteren en Email maachen un: biodiversum@anf.etat.lu



Donneschdes, de 22. Februar 2024

Tock, tock, e Spiecht!

Firwat trommelen d'Spiechten? Wou wunnen se? Dat wëlle mir dësen Nomëtteg erausfannen an dobäi natierlech mat erliewe wéi de Bësch lues a lues erëm aus dem Wanterschlof erwächt!

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten:
6 €

Samschdes, de 9. Mäerz 2024

Schlammwiss



Am gréissten Schilfgebidd zu Lëtzebuerg kann ee ganz vill Zuchvullen beobachten, déi sech fir hir Weiderrees an dësem Fiichtgebidd stäerken. Do dernieft gëtt ee villes gewuer iwwert de Vullenzuch an natierlech d'Berengung vun de Villercher.
En Erliewnis fir d'ganz Famill!!!

Auerzäit:
09.00-11.00 Auer

Treffpunkt:
Mënsbech,
Parking Fußballsterrain

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €



Donneschdes, den 21. Märerz 2024

Alles mäh .... oder wat?

Dësen Nomëtteg dréit sech alles ëm d'Schof, d'Woll an d'Wollveraarbechtung. Mir ginn eis Schof kucken, fidderen se a wäerten nach eppes Flottes mat Woll bastelen.

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 8 €

Méindes, de 29. Juli bis Freides, den 2. August 2024

Camp écologique

an der Fiels

Mir erfuerschen d'Natur, d'Biodiversitéit an d'Burg an der Fiels. Mir wärten eng spannend Woch erliewen matt villen flotten Aktivitéiten. Iwernuecht gët an der „Jugendherberg vun Larochette".

Alter:
8 – 12 Joer

Onkäschten:
220 €

(bei Geschwëster ass d'Participatioun fir all weidert Kand nëmmen 120 €)

Numm: _____

Numm (Mamm) _____

Numm (Papp) _____

Adress: _____

Uertschaft: _____

Gebuertsdatum: _____ Telefon: _____

GSM (Mamm): _____ GSM (Papp): _____

Mail: _____

mellt sech un fir: (ukräize w.e.g. an zeréckschécken oder mailen un de Regulus Junior-Club)

O Déieren am Wanter
16.01.2024

O De Bauer gëtt mir Power
23.01.2024

O RJC for future
06.02.2024

O Tock, tock, ee Spiecht!
22.02.2024

O Schlammwiss
09.03.2024
O matt Famill: ..... Persounen

O Alles mäh .... oder wat?
21.03.2024

O Camp écologique 2024
29.07. – 02.08.2024

Fir d'Aktivitéiten, wou mir deng Participatioun zeréckbehalen hunn, kriss du eng Bestätegung per Flyer!

---

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu